# Beetebuerger Theaterfrënn a.s.b.l.

Beetebuerg, Dezember 2020

**Salut alleguer,**

Hei ass eng Theaternews fir de Mount Dezember.

## Aktivitéiten Enn 2020

Vu dass eisen Theater am Hierscht ausgefall ass, wollt de Comité spontan eng aner Aktivitéit (zB Chrëschtmaart) fir d'Enn vum Joer proposéieren. Leider kënne mir dëst awer aus bekannte Grënn net maachen ☹ Mir hoffen, dass am nächste Joer d'Veräinsliewen erëm opliewe kann an dass mir eis alleguerten erëm kënne gesinn!

## Krimidinner 2022

Duerch déi ausgefallen Aktivitéiten hat de Comité Zäit fir sech schonn ëm de geplangte Krimidinner am Fréijoer 2022 am Kader vum Kulturjoer ze këmmeren. Mir wäerten **de Weekend vum 20./21./22. Mee 2022 am neie Centre Culturel zu Hunchereng** spillen (déi genee Datumer kommen nach no). Mir si scho fläisseg um Liesen an hunn och schonn 3 Stécker an der engerer Wiel.

Mir géifen dofir elo scho gären en Opruff maachen, wien interesséiert wier, fir **an der Regie ze hëllefen**. Dir wësst, dass esou ee Krimidinner extrem vill Aarbecht ass a mir wiere frou, wa mir alles wat zur Regieaarbecht gehéiert, kéinten op e puer Leit opdeelen, fir dass net alles op eng Persoun fält.

Sot mir w.e.g **bis Sonndes, de 27. Dezember 2020** bescheet, wann dir interesséiert sidd ☺

President
Alain LILTZ
☎ 621 759 628

E-mail:
theater@btf.lu

Vize-Presidentin & Sekretariat
Michèle SCHNEIDER
☎ 621 480 615

## Generalversammlung 2021

Mir hu geplangt fir eis Generalversammlung **Méindes, de 17. Mee 2021 am Jugendhaus** ofzehalen. Mir hoffen natierlech, dass dat bis dohinner erëm „live“ méiglech ass a mir net op eng digital Variant mussen zeréckgräifen.
Schreift iech den Datum alt scho mol op ☺

*Passt gutt op iech an op är Famill op !*

*Schéi Feierdeeg an e gudde Rutsch!*

*Mat ganz léiwe Gréiss,*

*Fir de Comité,*

*Michèle*

President
Alain LILTZ
☎ 621 759 628

E-mail:
theater@btf.lu

Vize-Presidentin & Sekretariat
Michèle SCHNEIDER
☎ 621 480 615